Depot : Michel Lemaire

2

Lëtzebuerg, den 30. Abrëll 2026

I – Protection de nos eaux

**MOTIOUN**

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest, datt

- d'Ëmsetzung vun der EU-Waasserrahmenrichtlinn zanter Jore mat enger grousser Zuel vu Moossnamen, Programmer a Projete verbonnen ass;
- trotz dëse laangjärege Beméiungen an Investitioune bis haut keng substantiell a systematesch Verbesserung vum Zoustand vun de Gewässer festzestellen ass;
- vill Moossname parallel lafen, wat d'Iwwersiicht an d'Koordinatioun an der Waasserpolitik erschwéiert huet;

fuerdert d'Regierung op,

- eng kloer an iwwersiichtlech Bestandsopnam vun de bestoende Moossnamen, Programmer a Projeten am Beräich vum Waasserschutz virzeleeën;
- Studien an Analysen anzeleeden oder auszewäerten, fir festzestellen:
    - wéi eng Moossname bis elo déi gréisst ekologesch Wierksamkeet haten,
    - a wéi eng Moossnamen an Zukunft prioritär solle behandelt ginn;
- fir op där Basis fir méi Koordinatioun, Kohärenz an eng geziilt Prioriséierung an der nationaler Waasserpolitik ze suergen;
- d'Chamber reegelméisseg iwwer d'Resultater an déi weider Orientatioune vun der Waasserpolitik ze informéieren.

Michel Lemaire

ADR – Groupe parlementaire 25, Ënneschtgaass · L-2240 Lëtzebuerg Tel. : (+ 352) 463742